Aktivitéite fir d'Kanner vum Zyklus 3.2 - 4.2

Activités pour les enfants des cycles 3.2 à 4.2

Datum	Aktivitéit	Ech maache mat
19. Mäerz 2024	**En Dag an de Wéngerten (Zounen FR)** Rendez-vous: Pétange - Arrêt de bus Maison Relais	❑ Jo ❑ Nee
23. Abrëll 2024	**Mir planzen de Gaart** Rendez-vous: Pétange - De Kuerbuttek	❑ Jo ❑ Nee
7. Mee 2024	**Eise Bësch: Méi wéi nëmme Beem** Rendez-vous: Pétange - Arrêt de bus Maison Relais	❑ Jo ❑ Nee
4. Juni 2024	**Kelten: En Nomëtteg um Tëtelbierg** Rendez-vous: Pétange - Arrêt de bus Maison Relais	❑ Jo ❑ Nee
25. Juni 2024	**Naturrallye** Rendez-vous: Pétange - Arrêt de bus Maison Relais	❑ Jo ❑ Nee
9. Juli 2024	**Mam Mountainbike duerch de Bësch** Rendez-vous: Rodange - Parking PiKo 2	❑ Jo ❑ Nee
24. September 2024	**Mir iessen de Gaart** Rendez-vous: Pétange - De Kuerbuttek	❑ Jo ❑ Nee
1. Oktober 2024	**Visitt an enger Minière** Rendez-vous: Pétange - Arrêt de bus Maison Relais	❑ Jo ❑ Nee
22. Oktober 2024	**Fakelwanderung vun 17h00 bis 20h00** Rendez-vous: Pétange - Arrêt de bus Maison Relais	❑ Jo ❑ Nee
12. Novembre 2024	**Mir maachen e Lagerfeier** Rendez-vous: Pétange - Arrêt de bus Maison Relais	❑ Jo ❑ Nee

Virnumm _____ Numm _____

N° an d'Strooss _____

Uertschaft L- _____

Tel.: _____ GSM: _____

Formulaire à remettre à l'Administration Communale avant le 4 mars 2024

Administration Communale de Pétange
B.P. 23 · L-4701 Pétange **E-mail: commune@petange.lu**

imprimerie HEINTZ, Pétange

Pétange
MOTIVATION COMMUNE

Péitenger Ëmweltdiplom fir Kanner

Programm 2024



Ëmwelt Aktivitéite fir Kanner, organiséiert vun der Gemeng Péiteng an Zesummenaarbecht mam Christian Berg, Fierschter a mam Naturschutz Syndikat SICONA.

«Péitenger Ëmweltdiplom fir Kanner» - Editioun 2024

D'Gemeng Péiteng organiséiert dat ganzt Joer iwwer nees flott an interessant Aktivitéiten am Beräich Ëmwelt.

Bass du interesséiert? Da kräiz déi Aktivitéiten, bei deenen's de gäre matmaache wëlls, un a schéck dëse Formulaire virum **4. Mäerz 2024** zeréck un d'Gemeng. Fir kënne matzemaache muss du an der Gemeng Péiteng an d'Schoul goen (Zyklus 3.2. bis 4.2.).

Méi genee Detailer (Wou? Wat? Wéi?) schécke mir dir dann 7 Deeg virun der geplangter Aktivitéit zou. Fir dass eng Aktivitéit stattfënnt, mussen op d'mannst 5 Kanner an där Aktivitéit ugemellt sinn. Och ass d'Zuel op 30 Kanner pro Aktivitéit limitéiert. D'Aktivitéite fannen ëmmer dënschdes statt, an der Reegel tëscht 14.00 an 17.00 Auer.

Fir an de Genoss vum „Ëmweltdiplom 2024" ze kommen, muss du op d'mannst un 5 Aktivitéiten deelgeholl hunn. Um Enn vum Joer kriss du dann en Diplom an e flotte Cadeau iwwerreecht. Wann allerdéngs méi eléi 30 Kanner sech fir eng Aktivitéit sollten umellen, dann hält d'Gemeng sech d'Recht fir, en Tri ze maachen.

Fir weider Informatioune kënnt dir eisen Ëmweltbüro kontaktéieren (Tel.: 50 12 51 - 2030 / 2031 / 2032 / 2033)

«Brevet de l'Environnement pour Enfants» - Edition 2024

Tout au cours de l'année, la Commune de Pétange organise de nouveau toute une série d'activités intéressantes dans le domaine de l'environnement.

Cela t'intéresse? Alors inscris-toi et renvoie le présent formulaire à l'Administration communale avant le **4 mars 2024**. Pour être admis, tu dois être élève d'une classe de l'enseignement fondamental de la Commune de Pétange (Cycle 3.2. à 4.2.).

Des informations plus détaillées (Où? Quoi? Comment?) te parviendront sept jours avant l'activité projetée. Afin qu'une activité puisse avoir lieu, au moins 5 enfants doivent être inscrits. En outre, le nombre de participants est limité à 30 enfants. Les activités auront lieu les mardis, en principe entre 14.00 et 17.00 heures.

Tu dois avoir participé à 5 activités au moins pour recevoir le «brevet de l'environnement 2024». A la fin de l'année, ton diplôme ainsi qu'un beau cadeau te seront remis. Dans le cas où plus de 30 enfants s'inscrivent pour une activité, la commune se réserve le droit de faire un tri.

Pour des informations supplémentaires, contactez notre Service de l'environnement (Tél.: 50 12 51 - 2030 / 2031 / 2032 / 2033)

Explikatiounen zu de proposéierten Aktivitéiten

En Dag an de Wéngerten
Dësen Dag verbrénge mir an de Wéngerten. Wat gëtt et zu dëser Joreszäit vun Aarbecht? Wou kënne mir eng Hand mat upaken?

Mir planzen de Gaart
Haut wäerte mir den Gaart planzen fir duerno am Hierscht d'Friichten vun eiser Aarbecht eran ze huelen an dann ze schmaachen.

Eise Bësch: Méi wéi nëmme Beem
Mam Fierschter gi mir op Besuch a säi Bësch, wou hien äis seng Aarbecht weist a wat et nach ausser Beem am Bësch gëtt.

Kelten: En Nomëtteg um Tëtelbierg
Mir ginn di al Kelte Stad um Tëtelbierg besichen, hëllefen en Haus erëm no där aler Manéier opzeriichten a versichen eng Mënz ze géissen sou wéi d'Kelten dat gemaach hunn.

Naturrallye
E Rallye ass ëmmer eppes Flottes. Do ass ee mat Kolleegen zesumme fir de Schatz ze fannen, et kritt een zimmlech vill Froe gestallt, déi ee soll beäntweren. Do kann een sech och Bicher mathuele fir nozekucken, ënnerwee gi Spiller gemaach, wou ee seng Geschécklechkeet a seng Sportlechkeet ka weisen. An zum Schluss si mer all Gewënner, well mer villes iwwert d'Natur bäigeléiert hunn.

Mam Mountainbike duerch de Bësch
No e puer techneschen Übunge maache mer eis mam Mountainbike op de Wee a fueren e flotten Tour iwwer gereegelt Weeër duerch d'Bëscher vun eiser Gemeng an der Ëmgéigend ***(en Helm ass Flicht!)***.

Mir iessen de Gaart
Haut ginn d'Friichten an d'Geméis erageholl a gekacht déi mir am Fréijoer selwer geplanzt hunn.

Visite an enger Minière
Wou a wéi hunn eis Grousselteren an Urgrousseltere geschafft? Mer kréien e puer Erklärungen a wäerten dann och eng Hand mat upaken.

Fakelwanderung
Haut traue mir eis emol eng Kéier an den däischtere Bësch. Wat gëtt et do ze entdecken? A muss een do fäerten?

Mir maachen e Lagerfeier
Elo, wou et schonn erëm ufänkt méi kal dobaussen ze ginn, maache mer eis e klengt Feierchen u fir eis erëm opzewiermen, mä och fir eis eppes Guddes ze baken. Wie sech e Wirschtchen oder eng Gromper am Sëlwerpabeier matbrénge wëll, dee kann sech dat natierlech och grillen an dann hu mer e richtegt Festiessen!